N°5807
Reçue le 29.03.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et
de l'Économie sociale et solidaire

Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft Georges Engel an vum Här Wirtschaftsminister Franz Fayot op d'parlamentaresch Fro n°5807 vum honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser

Ad. 1

Vun 2013 bis 2021 huet de Beschäftegungsfong insgesamt 1.000.380.515€ an Aarbechtsmoossnamen investéiert (Situatioun op den 31/01/2022).

Ad. 2

An de leschte 5 Joer, vu Januar 2017 bis Dezember 2021 konnten 14.603 Leit eng Aarbecht fannen nodeems si an enger Beschäftegungsmoossnam bei der ADEM waren. Do kann een dann nach 3.664 Leit dobäi zielen déi no enger Moossnam an eng aner Moossnam komm sinn. Hei gëtt d'Situatioun 3 Méint nom Enn vun der Moossnam gekuckt: wann eng Persoun no méi wéi 3 Méint eng Aarbecht fënnt, gëtt se net matgezielt. Et ginn och just Leit matgezielt déi eng Aarbecht fannen an zu Lëtzebuerg sozialverséchert sinn. Salariéen souwuel wéi Indépendanten ginn matgezielt. An der Tabell ënnen drënner gesäit een den Detail pro Moossnam. Déi lescht Kolonn ("Taux") weist de Prozentsaz vun den Leit déi bei enger Moossnam matgemaach hunn an déi 3 Méint duerno eng Aarbecht haten oder an enger anerer Moossnam waren. Ënnert dësen 18.267 Leit waren 8.362 jonk Leit, vu manner wéi 30 Joer, 2.598 Leit iwwer 50 Joer an 6.044 Laangzäitaarbechtsloser.

Iwwergäng vun Beschäftegungsmoossnamen an d'Aarbecht, 2017-2021				
	Aarbecht	Moossnam	Total	Taux
Apprentissage adulte	598	161	759	71%
Contrat d'appui-emploi	1 025	228	1 253	58%
Contrat de réinsertion-emploi	698	67	765	62%
Contrat d'initiation à l'emploi	2 223	175	2 398	65%
Formation	3 846	2 282	6 128	48%
Mesure spéciale	2 576	342	2 918	39%
Occupation temporaire indemnisée	813	140	953	63%

Pool des assistants	746	43	789	76%
Projet indépendant	172	1	173	68%
Service volontaire	86	43	129	49%
Stage de professionnalisation	1 812	181	1 993	74%
Travaux d'utilité publique	8	1	9	64%
Total	14 603	3 664	18 267	53%

Ad. 3

D'Dauer variéiert vu Moossnam zu Moossnam. All Moossnam kann och fréizäiteg ofgebrach ginn, z.B. wann de Kandidat eng regulär Aarbecht fënnt. D'Tabell ënnen drënner gëtt en Iwwerbléck wéi laang déi eenzel Moossnamen daueren kënnen.

Typesch Dauer vun den eenzelen Beschäftegungsmoossnamen

Moossnam	Typesch Dauer
Apprentissage adulte	3 Joer
Contrat d'appui-emploi	12 Méint, mat eventuell 6 Méint Verlängerung
Contrat de réinsertion-emploi	12 Méint
Contrat d'initiation à l'emploi	12 Méint, mat eventuell 6 Méint Verlängerung
Formation	Variabel
Mesure spéciale	2 Joer
Occupation temporaire indemnisée	Variabel, soulaang een Aarbechtlosegeld kritt
Pool des assistants	12 Méint
Projet indépendant	Maximum 6 Méint
Service volontaire	Maximum 12 Méint
Stage de professionnalisation	6 Wochen oder 9 Wochen (fir héichqualifizéierter)

Travaux d'utilité publique	Variabel

Ad. 4

Leit déi keng Aarbecht fannen oder keng aner Moossnam kréien, gi weider vun der ADEM suivéiert, wéi all déi aner Leit déi op der Sich no enger Aarbecht sinn. Wann déi gesetzlech Konditiounen erfëllt sinn, kënnen dës Leit da Chômage kréien.

Ad. 5

De STATEC an och d'ADEM weisen an hire méintlechen "Chiffres-clés" d'Zuel vun de Leit déi um leschten Dag vum Mount an enger Beschäftegungsmoossnam sinn ("Résidents en mesure pour l'emploi"). Dat waren 4.298 Leit op den 31. Januar 2022, wat eng Hausse vun 5,1% am verglach zum 31. Januar 2021 duerstellt.

D'Tabell ënnen drënner huet en aneren Usaz. Hei gesäit een d'Leit déi, Joer pro Joer, an de verschiddene Moossnamen ugefaangen hunn. Och do gesäit een méi oder manner grouss Fluktuatioune vun engem Joer op dat anert.

Vun 2017 bis 2018 ginn d'Zuele relativ staark erop. An deem Zäitraum huet d'ADEM hier Offer vun Formatiounen erweidert an och méi Leit an Formatioune geschéckt. Donieft sinn och bedeitend méi Leit an d'mesures spéciales, bei sozial Beschäftegungsinitiative geschéckt ginn.

Vun 2018 op 2019 sinn d'Zuelen nees erof gaangen. Et hunn manner Leit ee "Stage de professionnalisation" oder "Contrat d'initiation à l'emploi (CIE)" gemaach. D'Konjunktur zu deem Zäitpunkt war gutt an eng Rei privat Patronen hunn d'Leit direkt agestallt an net méi den Ëmwee vun enger Beschäftegungsmoossnam geholl. Et sinn och bedeitend manner Leit an eng "Occupation temporaire indemnisée (OTI)" geschéckt ginn. Dat huet mam Gesetz vum 20. Juli 2017 ("Loi du 20 juillet 2017 sur la lutte contre le chômage de longue durée") ze dinn, dat den Zougang zu dëser Moossnam ageschränkt huet. Et gesäit een och ee Réckgang vun den mesures spéciales. Eng méiglech Erklärung ass och d'Aide à l'embauche de chômeurs de longue durée (EMI) déi am Kader vum virdru genannte Gesetz agefouert gouf.

D'Zuelen vun 2020 sinn duerch d'Pandemie gepräägt. Duerch de Lockdown am Fréijoer an d'Aschränkungen déi duerno komm sinn konnten eng Rëtsch Formatiounen net stattfannen. Et sinn och bedeitend manner Leit an de Genoss vun engem "Contrat d'initiation à l'emploi (CIE)" oder engem "Stage de professionnalisation komm". Am Laf vum Joer 2020 gouf allgemeng manner agestallt. Dat schléit sech dann och an dëse Beschäftegungsmoossnamen néier.

Am Joer 2021 huet d'Aktivitéit um Aarbechtsmaart nees gutt ugezunn. D'Zuel vun de Leit déi an de Genoss vun enger Beschäftegungsmoossnam komm sinn, ass dunn nees op de Niveau vun 2019 geklommen.

Leit déi an enger Beschäftegungsmoossnam ugefaangen hunn, 2017-2021					
	2017	2018	2019	2020	2021

Apprentissage adulte	134	225	252	221	241
Contrat d'appui-emploi	450	460	436	397	401
Contrat de réinsertion-emploi	299	234	208	222	266
Contrat d'initiation à l'emploi	859	914	788	576	542
Formation	2 354	2 826	2 802	2 102	2 750
Mesure spéciale	1 297	1 612	1 514	1 494	1 627
Occupation temporaire indemnisée	474	306	196	150	395
Pool des assistants	234	188	185	223	207
Projet indépendant		13	87	83	73
Service volontaire	59	62	44	28	70
Stage de professionnalisation	401	744	580	482	494
Travaux d'utilité publique	4	8		1	1
Total	6 565	7 592	7 092	5 979	7 067

Ad. 6

D'Aiden fir de Zougang zum Logement fir Leit an enger Aarbechtsmoossnam sinn déi, déi allgemeng gëlteg sinn.

Lëtzebuerg, de 29. Mäerz 2022

	(s.) Georges ENGEL **Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft**